**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Froen n° 2916 an n° 2929 vun den Hären Deputéierte Charles Weiler an André Bauler.**

Déi honorabel Deputéiert stelle Froen zu de Grënn fir d'Verspéidunge bei där provisorescher Bréck zu Dikrech.

Virob wéilt ech soen, dass ech d'Gemengenautoritéiten an d'Awunner*innen ganz gutt verstinn an och hier Ongedold. D'Aarbechten hunn effektiv Verspéidung. Wéi d'Stroossebauverwaltung eis matdeelt, huet déi provisoresch Bréck an d'Plaz wou se realiséiert gëtt, zousätzlech zu der provisorescher Schwammbréck, als Konsequenz, dass d'Ufuerderungen a punkto Gestioun vum Waasser besonnesch héich sinn. Dat och am Kader vum Héichwaasserschutz. Dofir si speziell Etüde gemaach ginn, fir den Impakt vun der neier provisorescher Infrastruktur sou wäit wéi méiglech ze minimiséieren. Dobäi ass de Schutz vun den Awunner*innen an der Noperschaft vun der Sauer déi éischt Prioritéit.

*Kann d'Madamm Ministesch präziséieren, wat d'Ursaache vun de Verspéidunge fir d'Fäerdegstellung vun der provisorescher Bréck sinn?*

*Aus wat fir engen Ursaache konnt deen neien, méi komfortabelen a séchere Provisorium net verwierklecht ginn?*

Op d'Grënn vun de Verspéidunge sinn ech schonn an der Aleedung op d'Äntwert op dës parlamentaresch Froen agaangen. Doriwwer eraus ass et esou, dass d'Komplexitéit vum Dossier dozou gefouert, dass d'Etüde méi Zäit an Usproch geholl hunn ewéi virgesinn. D'Aarbechte sollten am Abrëll 2025 ufänken, konnten dunn awer eréischt am Juli 2025 ufänken.

*Kann d'Madamm Ministesch matdeelen, wéini d'Aarbechten un der provisorescher Bréck definitiv ofgeschloss wäerte sinn?*

D'Aarbechten un där provisorescher Bréck wäerte viraussiichtlech bis Mëtt November 2025 ofgeschloss sinn. Dëse Planning ass allerdéngs ofhängeg vun de Wiederkonditiounen.

*Kann d'Madamm Ministesch soen, wéini d'Sanéierungsaarbechten un der Ficellesbréck ufänken a wéi laang dës ongeféier dauere wäerten?*

*Wéini wäerten d'Sanéierungsaarbechten un der Fisselsbréck kënnen ufänken? Sinn dës Aarbechte schon ausgeschriwwe ginn?*

Aktuell gëtt un engem Projet geschafft, deen d'Komplettsanéierung vun der Ficellesbréck virgesäit. Dobäi ass geplangt, d'Seeler vun der Bréck duerch neier ze ersetzen an och d'Pilieren ze erneieren. Zousätzlech soll d'Bréck esou ëmgestalt ginn, dass méi Plaz fir Foussgänger*innen a Vëlosfuerer*inne geschaf gëtt.

D'Etüden am Zesummenhang mat den néidegen Autorisatiounen si nach am Lafen. Op Basis vun dësen Etüden erginn sech d'Parameteren, déi fir déi weider Planung vun de Sanéierungsaarbechte relevant sinn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Aktuell ass dovun auszegoen, dass d'Sanéierungsaarbechten net virun 2028 kënne lancéiert ginn.

Wann d'Aarbechte bis ufänken, wäert de Chantier ongeféier annerhalleft Joer daueren.

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes